N° 5956
Reçue le 18.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.03.2022

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 17 mars 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„De Präis vun eenzelne Fleeschzorten ass an de leschte Woche staark geklommen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

1) *Kann den Här Minister eis d'Entwécklung vun de Fleeschpräisser zanter Oktober 2021 retracéieren?*
2) *Sollten d'Präisser staark geklomme sinn, wee profitéiert a wat fir engem Mooss vun dësen Haussen?*
3) *Explizéiert d'Ukrainkris aleng firwat dës Präisser geklomme sinn?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Réponse commune du ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, Claude Haagen, et du ministre de l'Économie, Franz Fayot à la question parlementaire n°5956 des honorables Députés André Bauler et Gusty Graas**


***„De Präis vun eenzele Fleeschzorten ass an de leschte Woche staark geklommen.***
***An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:***

***1) Kann den Här Minister eis d'Entwécklung vun de Fleeschpräisser zanter Oktober 2021 retracéieren?***

Am lëtzebuerger Verbraucherpräisindex (*indice des prix à la consommation national* - *IPCN*) sinn d'Liewensmëttel mat 11.4% ee wichtegen Deel. Am sougenannte Wuerekuerf, deem seng Präisser suivéiert ginn, sinn och verschidden Zorte Fleesch integréiert, sou dass et méiglech ass, d'Evolutioun vun deene Produkter vu Mount zu Mount ze retracéieren.

Vun Oktober 2021 bis Mäerz 2022 sinn d'Präisser vun de Liewensmëttel am allgemengen ëm 3.4% geklommen. D'Präisser fir Fleesch sinn an deem Zäitraum ëm 4.1% geklommen. Am Wuerekuerf gëtt et och eng detailléiert Ënnerdeelung vun de verschiddene Fleeschzorten, do stellt een déi stäerkste Präishausse fir d'Schofs- a Geessefleesch fest mat iwwer 9%. Präisser fir Rëndsfleesch a Kalleffleesch sinn an de 5 Méint tëschent Oktober 2021 a Mäerz 2022 ëm 4.4% geklommen, an déi fir Schwéngefleesch ëm 2.8%.

**<u>Grafik 1: Entwécklung vun de Verbraucherpräisser zu Lëtzebuerg</u>**





Source: STATEC

***2) Sollten d'Präisser staark geklomme sinn, wie profitéiert a wat fir engem Mooss vun dësen Haussen?***

D'Marge vun de verschiddene Produzenten an Distributeure ginn am Verbraucherpräisindex net observéiert. Et kann een awer dervun ausgoen, datt de Käschtendrock sech vergréissert huet, zum Beispill wéinst méi héijen Energie-, Fudder- a Verpakungspräisser.

Um Niveau vun de Schluechtpräisser sinn zu Lëtzebuerg zanter Enn 2021 verschidde Steigerungen ze verzeechnen (cf. Grafik 2).

**<u>Grafik 2: Entwécklung vun de Schluechtpräisser zu Lëtzebuerg</u>**




Sources: Service d'économie rurale, STATEC

De Krich an der Ukrain ass de 24. Februar ausgebrach, zu engem Zäitpunkt, wou d'Kollekte vum Verbraucherpräisindex fir de Mount Februar schonn ofgeschloss war. Ee méiglechen Impakt vun der Ukrainkris ass also fréistens an den Zuele vum IPCN vum Mäerz 2022 ze gesinn. Vu Februar op Mäerz ass d'Fleesch am Verbraucherpräisindex ëm 2.1% geklommen.


Am Mäerz ass de Weltmaartpräis vum Fleesch laut der F*ood and Agriculture Organization of the United Nations* (FAO) ëm bal 5% am Verglach zu Februar geklommen. Als Grond gëtt eng limitéiert Offer fir Rand-, Gefligel- a Schwéngefleesch bei enger staarker Nofro[1] genannt.

[1] Cf. https://www.fao.org/worldfoodsituation/foodpricesindex/en/

*3) Explizéiert d'Ukrainkris eleng, firwat dës Präisser geklomme sinn?"*

Präisser bei de Liewensmëttel gi wéi bei alle veraarbechte Produkter engersäits duerch d'Zesummespill vun der Offer an der Demande vum Produit selwer bestëmmt an anerersäits duerch d'Hierstellungskäschte vun de Produkter. Aus der Entwécklung vun de Quantitéiten u geschluechte Karkasse léist sech d'Aktivitéit an de Schluechthaiser am ausgewielten Zäitraum novollzéien, an do gesi mir däitlech, datt vum Oktober iwwer de Joreswiessel bis Enn Mäerz quasi eng konstant Aktivitéit stattfonnt huet (cf. Grafik 3). Wa mir dervun ausginn, datt genuch Fleesch fir d'Weiderveraarbechtung do war, dann ass dervun auszegoen, datt d'Ukrainkris mat hire staarken Auswierkungen op e.a. d'Energiepräisser sécher e groussen Deel vun der Hausse ausmécht. Eng kloer Ausso, op et eleng doduerch ze erklären ass, léist sech awer net sécher maachen.

**<u>Grafik 3: Entwécklung vun de Schluechtmengen zu Lëtzebuerg no Kategorien (logarithmesch Axe)</u>**




Source: Service d'économie rurale

Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN